# LËTZEBUERGER ARDENNER STUDBOOK ASBL

STUDBOOK LUXEMBOURGEOIS DU CHEVAL DE TRAIT ARDENNAIS ASBL

D'Ardennerpaerd sin elo déi 80. Ke'er op der landwirtschaftlecher Ausstellung hei zu Letzebuerg !

Vu dass et sech beim Ardennerpaerd nach emmer em eng ‚bedrohten Rass' handelt, as et fir eis wichteg während deenen 3 Deeg (vun mueres 9°° Auer bis nomettes 18°° Auer) op der Foire Agricole zu Ettelbréck
eist Ardennerpaerd den Leit, esou no wéi méglech ze bréngen, an virun allem séng Vielseitegkeet ze weisen, an deem mir e puer Show'en organise'ert hun, déi daat och erfirstreichen sollen, wéi z.B.Reiden , Kutschfueren an engem Geschécklechkeetsparcours, en Concours mat Beemschleefen, en Weisen an en Erklären vun Arbechtsmaschinen déi vun eisen Ardenner gezun gin (agesaat am Besch, Gaertnerei, Wéngerten/ Parkanlagen asw….) Mir wellen u sech fortkommen vun deem ‚Cachet' : en déckt luest Schaffpaerd, oder en Paerd waat just do as fir geschluecht ze gin!!

Wichtig fir eis, as awer och op deser Foire Agricole eisen Ziichter Chance ze gin hir Zucht ze weisen, eng Arbescht déi een nie genuch valorise'ren kann! Dofir hun mir Samsdes eng international Konfontatioun (B, F, L) an Sonndes eisen nationalen Concours.
Mir sin nach plus minus zu 40 Ziichter; an et as den onermidlechen Asaatz an virun allem d'Léiwt zum Ardenner vun genau deenen Ziichter déi deem Ardennerpaerd vun haut hei bei eis zu Letzebuerg séng Zukunft garante'eren!